Eng Frô, eng Äntwert !

Déi folgend Ufrô ass iwert onsen Site un ons erugedroen ginn. An onsen Spezialiste, de Théo SCHILTZ, huet se beänwert. Merci Théo.

Bonjour,
Ech sinn duerch Zoufall ob ären Sitt www.snpgl.lu komm an fannen deen Sitt wierklesch ganz interessant an vierun allem ganz iwwersiechtlesch. Ech waar um Sitt vun der Police, Sécurité Routière, ACL an vum Transportministerium an do fennt een d`Informatiounen nett sou > deitlesch an konkreet. Dei Rubrik "Beierdesch" gefällt mier am beschtem, well een do dei Informatiounen fennt, dei den Leit um Härzen leien an wouriwwer tatsächlesch geschwaat gett.

Meng Froo as dei folgend: Wann ech d`Pabeiren vu mengem Auto kucken, stellen ech fest, dass nemmen 375 kg Mass zousätzlesch gelueden därfen ginn. Wann elo 5 Persounen, dei jo am Auto zougelooss sinn, 75 kg Mass hunn an an der Mall nach Liewensmettel etc. leien, dann as den Auto jo iwwerlueden. Muss ech elo eng Woo matthuelen, fier all Mensch eenzel ze weien an dann och nach d`Liewensmettel, Warndreieck, eischt Hellef Kescht, Feuerlöscher, etc. matt verrechnen. Kann ech mech drob verloossen, wann Leit mier hier Mass mattdeelen, dass dei och stemmt. Et sinn jo Fraen, dei eitel sinn, dei mech beleien keinten.

Ech waar elo bei engem hannen um Motorrad mattgefuer, wou die zoulässesch zousätzlesch Mass 150 kg bedreit. Mier haaten aawer zesummen wesentlesch mei Mass. Den Chauffeur haat sech nie Gedanken driwwer gemaat an kennt och keen, deen doweinst ugehaal gouf an mescht sech och weiderhinn keng Gedanken. Mier leit daat hei aawer um Härz, well iergendwann as een den eischten.

Mier as zu Ouren komm, dass bei Iwwergewiescht den Auto nett assureiert as, an een eventuell och ouni gültegen Führerschein fiert. Daat giff dann direkt ob den Correctionell goen, an dann giff et gehierloos rabbelen.

Dier gesidd, dass aus enger Meck en Elefant ka gemaach ginn. Am Katalog vun den Verwarnungen hunn ech gesinn, dass bei Iwwerluedungen eng Geldstroof ouni Verloscht vun Punkten viergesinn as, waat aawer eng juristesch Verfolgung nett ausschleisst. An Deitschland as daat gestaffelt, ob een zu 10, 20, 30 Prozent iwwerlueden as, do verleiert een Punkten an eng Geldstroof.

Kenn Dier mier w.e.g. weider Informatiounen ginn, respektiv mier mattdeelen, wou een eng offiziell Äntwert zu dësen Froën am Internet fënnt oder wien do den Uspriechpartner as.

Des Ufroo as wierklesch serieux gemengt, well d`Leit jo an der heiteger Zeit nett en Normgewiecht vun 75 kg hunn. Bei engem Lift ginn jo 75 kg pro Persoun uginn, an dann heescht et 10 Persounen kennen dra Plaatz huelen an d`Maximaalmass as 750 kg. Do ginn jo och nett d`Massen zesummengerechnet. Gett daat bei den motoriseierten Gefierer och esou gehandhabt, dass et nett em d`Mass geht vun den Persounen, mee un d`Unzuel vun den Persounen, wann nett zevill zousätzlesch Gepäck mattgefouert gett.

Merci fier d`Liesen.
Ech giff mech iwwert eng Äntwert freen,
MfG
xy

Äntwert:

Sëcherlech hunn sech déi Responsabel net vill Suerge gemach, iwwert Ladung an déi doraus resultéiernd Problemer entstinn.

E Gefiehr an d'Strof gëtt awer am Prinzip op d'hekstzoulässeg Gesamtmass gerechent.

Hei déi eenzel Begréffer:

g) ***Masse à vide en ordre de marche ou masse à vide ou masse en ordre de marche d'un véhicule:*** **la masse du véhicule carrossé à vide en ordre de marche avec, le cas échéant, le dispositif d'attelage, ainsi que le liquide de refroidissement, les lubrifiants, 90 % du carburant, 100 % des autres liquides, à l'exception des eaux usées, les outils, la roue de secours et le conducteur, dont la masse est fixée à 75 kg, et, pour les autobus et les autocars, le convoyeur, dont la masse est fixée à 75 kg, si une place de convoyeur est prévue dans le véhicule.**

h) ***Masse propre d'un véhicule:*** **la masse du véhicule sans équipage ni passagers ni chargement, mais avec le plein de carburant et l'outillage normal de bord.**

Also ass an der Masse à vide och dat normalt Equipement an de vollen Tank mat agerechent.

Wann d'Gefier ëm dat höchstzoulässigt Gesamtgewicht (och masse maximal genannt) ëm méi wéi 10% iwwersteigt, dann ass d'Strof, déi folgend:

1. la conduite d'un véhicule ou d'un ensemble de véhicules couplés dont la masse en charge excède de plus de 10% la masse maximale autorisée ou le fait de tolérer, comme propriétaire ou détenteur, la mise en circulation d'un véhicule ainsi surchargé, conduit par un tiers ..... **4 points**
2. **Art. 11.** 1. Le conducteur d'un véhicule ou ensemble de véhicules couplés dont la masse en charge excède de plus de 10% la masse maximale autorisée sera puni **d'un emprisonnement de huit jours à un an et d'une amende de 251 à 5.000 euros ou d'une de ces peines seulement.** Le propriétaire ou détenteur du véhicule est passible des mêmes peines s'il a toléré la mise en circulation d'un véhicule ou d'un ensemble de véhicules couplés dont la masse en charge excède de plus de 10% la masse maximale autorisée.
3. S'il existe des indices graves faisant présumer la surcharge d'un véhicule ou d'un ensemble de véhicules visés à l'alinéa premier, les membres de la police grand-ducale et les agents de l'administration des douanes et accises pourront obliger le conducteur à se rendre à l'endroit le plus proche permettant une vérification de la masse en charge. En cas de surcharge constatée, les frais occasionnés par le pesage sont à charge du propriétaire ou du détenteur du véhicule.
   Si une surcharge de plus de 10% de la masse maximale autorisée est constatée, les membres de la police grand-ducale et les agents de l'administration des douanes et accises sont en droit d'interdire la circulation du véhicule.

Ech wärt awer versichen, de Problem bei ménge kompetende Kollegen viirzebrengen.
Monsieur, ech hoffen dat meng Erklärung Iech weiderhëlleft.
Sollt der nach Froen hunn, dann zékt net fir mech zu kontaktéiren.
Ëmmer zu Ärer Verfügung

Théo SCHILTZ